

## **Rapport Referees Commission 21 Februar 2017**

**Uwiesend:** Geib, Nesser, Keiffer, Weber, Simonelli, Ney, Schmitt

**Entschellegt:** Pascalicchio, Karier, Scheuren

### **1. Adoptioun vum Rapport vum 17.01.2017**

De Rapport ass approv iert.

### **2. Resultat Arbitertester de 04.02 an 11.02.2017**

D'Tester sinn gutt ausgefall. Ronn 30 Arbitter hunn sech present iert an den Test bestane. Am Schn tt haten d'Kandidaten 90% korrekt  ntwerten.

### **3. Nei Uniformen**

D'Uniformen sinn bestallt a w rten beim Final 4 verdeelt ginn. D i offiziell Iwreeschung vum H r Abby Toussaint f nnt an der Paus vun der H refinal statt.

### **4. Entr e FINAL 4**

All Arbitter huet pro Dag 1 Ticket (Place debout) ze gutt. D'Arbitter vun de Senior 1 Matcher k nnen nom Match am VIP eppes dr nken an iessen (si kr ien e VIP-B ndchen). D'Arbitter d i p ifen, kennen hier Sue bei der Kees vun der Buvette (Ren  Krack) ofhuelen. Gidd einfach  r Quittung do oof.

### **5. Deleg ierte Formatioun**

Eng Formatioun f nnt statt den 07.03.2017 um 17h30 an der Maison des Sports. Kandidaten bis elo: Arni Biren an Jeannot Ney. Mir sichen dringend nach e puer Kandidaten. Et muss een net Arbitter sinn! De Cours gett gehaale vum L on Donven oder Paul Nesser.

### **6. RAPPEL: SERPILLEROS**

D'Refcom m cht nach K ier drop Opmierksam, dass am Titelplayoff Dammen an H ren d'**Serpilleros** mussen mindestens **12 Joer Aal a grouss genuch sinn**. As dat net de Fall, maachen d'Arbitter e schr ftleche Rapport. D'Refcom propos iert dem CA fir e Verstouss eng Geldstrof fest ze leen.

### **7. EHF Beobachter Helmut Wille um Final 4 2017**

Den Helmut Wille as och d st Joer als EHF-Beobachter nomin iert. Desw ideren gin Formatiounen fir d'Arbitter den 03.03 an den 04. 03 ugebueden. D'Presse as inform iert.

## 8. **Projet Groussregion: Arbitterformatioun**

D'Josée Keiffer informéiert d'REFCOM iwwert eng éischt Versammlung déi zu Tréier stattfonnt huet. Do sinn och verschidde Projete fir Arbitterformatiounen an Zesummenaarbecht mat der Groussregion virgesinn. Dëst am Rahme vun der Dammeweltmeeschterschaft 2017 an Däitschland. Den 20.5 ass e Colloque an der Arena zu Tréier geplangt.

## 9. **Headsets**

Am Rahmen vum Final 4 gëtt eng Presentatioun vun néien Headset gemaach. Et handelt sech dobäi em eng Firma déi och néien Partner vun der EHF ass. De Paul Nesser ass a Kontakt mat der Firma.

## 10. **Rappel: Ennerkleeder (Thermo oder Kompressioun) a Protektiounen**

Folgendes ass an enger Versammlung vun den Delegéierten waat d'Regel 4.9 betrefft zeréckbehaale ginn:

- Laang Thermoshiemer, eenzel Äerm: (Schweesbännercher gehéieren **net** an des Kategorie)
  - Selwecht Faarf wéi HAAPTFAARF vum Trickot.
  - Huet d' Equipe nach eng 2. opfälleg Faarf am Trickot (cf. Bierchem wäiss a gréng) däerf och déi Faarf gebraucht ginn, falls de Géigner eng total aner Trickotfaarf huet. D'Equipe muss sech awer op eng Faarf festleeën, sou dass all betraffene Spiller déi selwecht Faarf dréit – alleguer wäiss oder alleguer gréng
- **Kuerz Thermosboxen sollen** déi selwechter Faarf wéi d' Box hunn. Et ass eng **Recommandatioun**, dofir ginn aner Faarwen **toleréiert**. Kuerz Box soll awer kuerz sinn, a kloer iwwert dem Knéi ophalen.
- **Laang Thermosboxen**, wéi och eenzel laang Been sinn **verbueden**.
  - Knieschoner déi iwwert an/oder ënnert dem Schonerdeel nach een Deel Stoff, Gummi, Thermo oder Ähnlech hunn, sollen als Schoner gedroe ginn. D.h. d'Verlängerung soll esou erop, respektive erofgediebelt ginn, dass e kloer gesäit dass et een **eenzelen Deel** ass. Et soll e kloer gesinn, dass et méi Deeler sin. (Sollt eng laang Strämp elo bis un een normale Schoner reechen, ass dat OK)
  - Knieschoner mat "Noppen" sinn **erlaabt**, am Fall wou Noppen aus mëllem Material (Schaumgummi oder Ähnlech) sinn.
- **Knieschoner:**
  - Faarf vum Knieschoner ass egal.
  - Knieschoner mat **Gelenk** sinn komplett **verbueden, och wann daat Gelenk matt engem aanere Schoner ofgedeckt ass**.
  - **All Metall** ass **verbueden**.
  - Gett et Onsecherheet op e Knieschoner konforme ass, muss eng Genehmegung spéitstens en Dag virun engem Match erageholl ginn, soss ass et eenzeg an eleng den Delegéierten oder Arbitter deen entscheet op de Schoner erlaabt ass oder net. Dëst ass eng Tatsachenentscheidung an se ass net ufechtbar.

- Kleng Plastikschnallen um Knieschoner müssen uerdentlech gepolstert, respektive zougetaped ginn.
- Ielebou-, Handgelenk- an Sprunggelenkschoner:

Des Schoner müssen aus mëllem, beweeglechem Material bestoen. All Deeler aus **haardem** Plastik musse genuch gepolstert sinn, sou dass all Drock dogéint genuch vun der Polsterung gebremst gëtt.

- Spronggeélenkschoner aus haardem Plastik müssen **vollstänneg** zougetaped sinn.

### **11. Frëndschaftsmatcher**

D'REFCOM proposéiert dem CA, dass, ewéi am Reglement virgesinn, an Zukunft all Frëndschaftsmatch muss bei der Federatioun ugemellt ginn. Dëst aus Grënn vun Assurancen. D'Veräiner sollen, ewéi dat momentan och meeschtens praktizéiert gëtt, selwer Arbitter sichen. Bei allen direkte roude Kaarten oder aner onsportlechen Tëschefäll maachen d'Arbitter bannen 48 Stonnen e Rapport, deen ewéi bei engem offizielle Championnatsmatch behandelt gëtt.

### **12. Tariffer Matcher Montée Dammen an Hären**

Bei den Hären gëllen d'Regele vun der Sales-Lentz League: Tarif 75.-. Bei den Dammen (Poule A + B) gëllen d'Regele vun der Promotioun: Tarif 30.-.

### **13. Net konforme Terraine**

D'REFCOM rappelléiert, dass och Halen déi néi agezeechent gi sinn, musse kontrolléiert ginn, op si konforme sinn. As daat nach net geschitt, müssen déi Veräiner sech schnellstméiglech mat der REFCOM a Verbindung ze setzen.

**Nächst Versammlung: Dënschdeg den 28. März um 18:15.**